N°1909
Entrée le 03.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1909 vun den honorabelen Deputéierte Gilles Baum a Barbara Agostino**

**Ad 1)**

Eng gewësse Fluktuatioun an den Inscriptiounszuelen gëtt et bei de Beruffer aus dem Handwierk ëmmer. Et kann ee soen, datt zanter der Reform vun 2019, wou d'Evaluatioun mat Punkten erëm agefouert gouf, déi meeschte Beruffer stabel ware respektiv an d'Luucht gaang sinn.

Bei de Beruffer, wou sech aktuell eng negativ Tendenz weist, wat d'Inscriptiounen ugeet, fënnt ee follgend Beruffer: Coiffeur, Serrurier, Couvreur oder och Vendeur-magasinier du secteur automobile. Do dergéint gi bei follgende Beruffer d'Inscriptiounszuelen an d'Luucht: Esthéticien, Peintre-décorateur, Carreleur a Menusier.

Wat d'Elektriker ugeet, esou waren tëschent 2018-2019 an 2024-2025 an der Moyenne 225 Kandidaten an der Ausbildung ageschriwwen an et sinn der aktuell 222.

**Ad 2)**

D'Ausbildunge mat den héchsten Aschreiwungszuelen (CCP an DAP zesummegeholl) sinn aktuell:

| | |
|---|---|
| Coiffeur | 297 |
| Mécatronicien d'auto et moto | 266 |
| Electricien | 222 |
| Installateur chauffage-sanitaire | 182 |
| Peintre-décorateur | 145 |
| Esthéticien | 115 |

**Ad 3)**

Eng sektoriell Promotioun gëtt vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend aus net gemaach. Eng allgemeng Promotioun vum Handwierk (wei och deene reschtleche Beruffsausbildungen) gëtt aktuell ënner anerem scho via d'*YEP!-Schoulfoire* an d'Promotioun vun de Beruffer duerch d'Maison de l'orientation gemaach. Am Regierungsprogramm ass och eng Compagne commune fir d'Stäerke vun der Beruffsausbildung tëscht all de Partner vun der Beruffsausbildung virgesinn. Dës ass aktuell amgaang ausgeschafft ze ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH